LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 23 mai 2014
Réf : QP-16/14

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°230 du 23 avril 2014 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

Je vous prie de trouver en annexe la réponse de mon département à la question parlementaire sous rubrique.

Je vous prie, Monsieur le Ministre, de croire en l'expression de mes sentiments très distingués.

Félix Braz
Ministre de la Justice

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél.: (+352) 247-84537
Fax: (+352) 26 68 48 61
Adresse postale
L-2934 Luxembourg
e-mail: info@mj.public.lu

Réponse du Ministre de la Justice à la question parlementaire n°230 du 23 avril 2014 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

1) Wat d'Verletzung vum Besuchsrecht (non-représentation d'enfants) ugeet:

D'Zuelen vum Parquet Lëtzebuerg :

Année judiciaire	Zuel vun den Dossierèn	Urteeler
2009-2010	127	3
2010-2011	210	6
2011-2012	262	5
2012-2013	309	2
2013-2014 (au 01.05)	211	0
Total :	**1119**	**16**

Déi meescht Plainten wéinst der Verletzung vum Besuchsrecht ginn an den éischten Méint vun der Trennung vun den Elteren déposéiert, d.h. an enger Phase an der d'Elteren oft nach a Konflikt sinn a Schwieregkeeten hunn sech matt der Trennung an den Konsequenzen dovun ofzefannen.

Dat féiert dozou dass :

- an enger kuerzer Zäitspaan déi selwescht Elteren vill Plainten kënnen déposéieren,
- oft Plainten déposéiert ginn well deen een Elterendeel d'Kanner ze spéit ofliwwert oder well d'Urteeler falsch interpretéiert ginn an esou Méssverständnisser entstinn.

D'Plainten ginn den Elteren an dem Sujet no regroupéiert sou dass en regelmässegen Suivi vum Werdegang vun der Situatioun vun der Koppel kann gemaach ginn.

Vu que dass esou Affairen och nach vun aneren Instanzen behandelt ginn wéi zum Beispill dem Scheedungsriichter oder dem Vormundschaftsriichter, an den Elteren Méiglechkeeten vun enger sozialer Betreiung (Service Treffpunkt, Médiatioun) zur Verfügung gestallt gëtt, ass et meeschtens net néideg op eng strofrechtlech Interventioun zréck ze gräifen. Déi meescht Elteren fannen no enger éischter konfliktueller Phase en modus vivendi, deen awer weider hin vun den Geriichter a vum Parquet suivéiert gëtt.

Falls eng Situatioun ausarten sollt an d'kierperlech oder d'geeschteg Gesondheet vum Kand um Spill steet, da geet den Dossier un den Jugenriichter deen, wann et muss sinn, nach aner Mesuren kann huelen (Suivi éducatif, Plazéierung vum Kand etc.).

D'Zuelen vum Parquet Dikkrech :

Zuel vun den enregistréierten Affairen an dëser Matière beleeft sech op 113 "affaires de non-représentation d'enfants" déi säit 2010 vum Parquet Dikkrech enregistréiert goufen.

86 dovunner goufen sans suite classéiert, well d'Infractioun net genügend fest gestallt gouf oder well eng Strofverfolgung ugesichts vun den Emstänn vun der Affaire net ubruecht wor. 6 Affairen sinn net an den Kompetenzberäich vum Parquet Dikkrech gefall, 10 Urteeler goufen gesprach an 11 Affairen sinn nach an der Untersuchungsphase.

2) Wat d'Affairen betrefft wou Kanner oder Familljen verlooss gi sinn, wéi den honorabelen Hár Deputéierten dat benennt (abandon de famille, Infractioun déi am Artikel 392 bis vum Code pénal virgesinn ass):

D'Zuelen vum Parquet Lëtzebuerg :

Année judiciaire	Zuel vun den Dossierèn	Urteeler
2009-2010	64	9
2010-2011	69	27
2011-2012	60	4
2012-2013	61	5
2013-2014 (au 01.05)	61	0
Total :	**315**	**45**

D'Plainten fir "abandon de famille" gi meeschtens eréischt dann déposéiert wann zivilrechtlech Rekouren (z.Bsp. Saisie op der Paie) näischt bruecht hunn.

An deenen meeschten Fäll geet awer eng Interpellatioun vun der Police oder eng Verwarnung vum Parquet duer, fir dass d' "pension alimentaire" bezuelt gëtt an d'Elteren en Arrangement fannen.

D'Zuelen vum Parquet Dikkrech :

Säit Ufank 2010 sinn 55 Affairen enregistréiert ginn.

27 Affairen goufen sans suite classéiert, 7 Urteeler si gesprach ginn, an 4 Affairen ass den Domizil respectiv d'Résidence vum Auteur onbekannt, 3 Affairen sinn net an den Kompetenzberäich vum Parquet Dikkrech gefall, 8 Affairen sinn an der Untersuchungsphase a 6 Affairen sinn unhängeg viru Geriicht.